N°589
Entrée le 14.05.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Madamm Yuriko Backes, Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten, op d'parlamentaresch Fro N° 589 vum 8. Abrëll 2024 vum Här Deputéierte Marc Goergen iwwer d'Personal vun den CFL**

1. *Wéi deelen sech d'Personal bei den CFL op tëschent dem Passagéierberäich an dem Fret?*

Mat Stand op den 31.03.2024 si vun den 5.154 Leit déi beim Grupp CFL schaffen, 1.749 Leit am Passagéierberäich agestallt an 1.198 Leit am Fret.

2. *Wéi vill Persounen sinn iwwert déi lescht 3 Joren bei den CFL am Passagéierberäich agestallt ginn, opgelëscht no Joer?*

Hei ass den Tableau mat der Unzuel u Persounen, déi iwwert déi lescht 3 Joer bei den CFL am Passagéierberäich agestallt gi sinn:

| *Joer* | *2021* | *2022* | *2023* | *2024 (31.03)* |
|---|---|---|---|---|
| *Unzuel u Leit* | 105 | 106 | 140 | 53 |

3. *Wéi vill Persounen hunn iwwert déi lescht 3 Joren d'CFL am Passagéierberäich verlooss (Pensiounen, Kënnegungen, Wiessel an de Fret, etc.), opgelëscht no Joer?*

Hei ass den Tableau mat der Unzuel u Persounen, déi iwwert déi lescht 3 Joer d'CFL am Passagéierberäich verlooss hunn:

| *Joer* | *2021* | *2022* | *2023* | *2024 (31.03)* |
|---|---|---|---|---|
| *Unzuel u Leit* | 71 | 123 | 102 | 26 |
| *Dovun :* | | | | |
| *Pensiounsuntrëtt* | 19 | 30 | 27 | 7 |
| *Kënnegungen* | 12 | 36 | 31 | 8 |
| *Stierffäll* | 1 | 1 | 0 | 0 |
| *Entloossungen* | 3 | 2 | 0 | 0 |
| *Entloossungen am Stage* | 11 | 19 | 14 | 4 |
| *Intern Wiessel* | 25 | 35 | 30 | 7 |

4. *Wéi wëll d'Ministesch dofir suergen, dass d'CFL ronn 200 Persounen pro Joer astellen? Wéi eng Virdeeler wäert d'CFL am Vergläich zu anere Verwaltungen kënne bidden? Wéi dréit d'CFL hei den Ëmstänn um Aarbechtsmarché Rechnung, dass beim Staat a verschiddene Verwaltungen och massiv rekrutéiert gëtt?*

A menger Äntwert op d'parlementaresch Ufro N°387 vum 23. Februar 2024 hat ech informéiert, datt fir d'Ëmsetzung vun allen Elementer vum PNM2035 circa 35-40% méi rullend Personal am Verglach zu haut noutwendeg sinn. Ënnert rullend Personal versti sech d'Lokféierer an d'Zuchbegleeder déi am Passagéierberäich schaffen.

Bei engem aktuellen Personalstand vu 607 Leit, déi am Passagéierberäich fir déi Kategorie vu Posten agestallt sinn, missten deemno circa 212-242 zousätzlech Leit iwwert déi nächst 10 Joer agestallt ginn.

Lëtzebuerg, den 14. Mee 2024

Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes